Raconte-moi Noël

3 Emile (De Mill) - Hei elei,'t gët déck Zäit! Ech gi ménger Wee! Ech zielen Iech mar eng aner Gëschicht. Ech probéieren nach méch e bëssen ze wiermen!Ech hu méng Hänn a méng Féiss esou kal ! si sin ewéi Äis ! Schlooft gutt alleguerten an drämt schéin!

10 De Mill - A wat méchs du dann elo hei ?

11 D'Klärchen - O,gëf nët béiss, Mill!Ech hätt esou gär wanns du mer nach eng Seeche géifs erzielen.

12 De Mill - 't as vill ze spéit fir engem,dat ewell scho laang am Bett mist läien,elo nach eng Seechelchen zerzielen.

13 D'Klärchen - Nëmmen eng,Mil,eng Kleng,.... a nëmme fir méch ganz eleng.

14 De Mill - Firwat nëmme fir déch eleng ?

15 D'Klärchen - Wëll ... wëll keen aner hei as nët ... an dann nach zumol wëll mer äis gär hun... mer zwee,nët du, Mil ?

16 De Mill - Dat as wouer! Ech hun déch gär méng kleng Maus! Da's wouer! D'Kanner,gesäis du , dat as eppes esou ganz frësches,eppes esou onschëlleges...,mä duergéint,déi erwuesse Leit ... Dat solls du spéider verstoën,Mäischen,vill spéider... 't sief deem !

18 D'Klärchen - Hei dann,ziels du mer ?

19 De Mill - Da jee dann ! Dat as geschitt ... o,dat as schon esou laang geschitt... esou laang ...

22 De Mill - 't waren der bal vrun all Haus !...Vu wou koume si,déi Dännebäm all ? Wéi si si duer koum ? Wien hat si duer gesat ? laanscht dë Stroossen? D'Leit hu séch all Froë gestallt .

23 D'Klärchen - 't war äiser Härgott vläicht deen e Wonner gemeet hat,nët?

24 De Mill - Ech sin dees nët ze vill sécher ! Ower,iwwerhaapt hun d'Leit séch vill Froë gestallt,... Kéip Froën !

30 De MIll - An du hun d'Leit hire Stär gekukt a si hu gesin as e gring war!

D'Klärchen -...gring wéi d'Dännebäm?

De Mill - ... gring wéi d'Dännebäm.

D'Klärchen - ... gring ewéi d'Faarf vun der Hoffnong ?...

De Mill - ... Jo,ganz genee,gring wéi d'Faarf vun der Hoffnong .

D'Klärchen - ...Gesäis du ech hat recht léineschter wéi ech gesot hun den Härgott hätt e Wonner gemeet .

De Mill - Vläicht,vläicht! Ower waart e bëssen,d'Geschicht as nach nët aus.

32 De Mill – Komm,méng kleng Mäischen ! Komm kucken,... komm kuck dat richtegt Wonner.

– D'Hoffnong koum erëm,gong lues op de Spëtzen zu enger holze Brack,laanscht der Plaz. Si huet un der Dir geklappt an ...

36 De Mill
D'Klärchen – An dass zur Erënnerong vun deem Ereegnes(Evenement) dass d'Leit vum Duerf,all Joer,wann de Wanter eriwer kënnt,mat helleg Männerchen,eng Krëpp opriichten.

– Ee fir d'Maria,dem Kënnche séng Mamm ...

– Ee fir de Jousef,säin Nierpapp

– An een drëtten fir d'Kand,d'Jesukënnchen,d'Härgottskënnchen!

37 DeMill
d'Klärchen – Dass och duerfir,dass all Joer am Dezember,d'Dierferleit a vu ronderëm,zesumme gin, fir mateneen d'Freed erëm ze fannen... d'Gléckleg Freet erëm ze fannen ... an ze feieren !...

décembre 1977.